# L'OGBL devant le siège du Parlement européen

Photo : afp

Le syndicat Aviation civile de l'OGBL a participé, hier, devant le siège du Parlement européen à Strasbourg, à une manifestation organisée par la Fédération européenne des travailleurs du transport (ETF). Les syndicats protestaient contre un projet de loi européen qui doit être débattu en décembre et qui prévoit une libéralisation des services au sol dans les aéroports. Dénonçant une «compétition féroce» qui tire les salaires vers le bas et pousse les entreprises à «faire des économies sur la formation», l'ETF craint pour la qualité des services et la sécurité.

Le Quotidien, 6.7.2012, p. 5

VOUS N'ÊTES PAS BACHELIER ?

# Fluchtrafic: Europäesch Manif géint weider Liberaliséierung

RTL - 05.07.2012, 17:50 | Fir d'lescht aktualiséiert: 05.07.2012, 19:34 | 0 Commentaire(n)

Manifestatioun um Donneschdeg zu Stroossbuerg: Géint eng weider Liberaliséierung op de Fluchhäfen. Och Leit aus Lëtzebuerg waren ugereest.

Recommend
Tweet 0
0

© OGBL

Déi europäesch Kommissioun plangt eng weider Liberaliséierung vum Fluchverkéier. Si huet ee Gesetzpak proposéiert, deemno den Handling um Buedem duerch méi Konkurrenz sollt verbessert gin. Iwwert dat neit Gesetz get den Ablack am Europaparlament diskutéiert.

Dowéinst hate sech um Donneschdeg e puer Honnert Gewerkschaftler aus ganz Europa op de Wee fir op Strossbuerg gemaach - och vu Lëtzebuerg. Si protestéiere géint eng weider Liberaliséierung a fäerte Sozialofbau.

Eng weider Liberaliséierung ouni Garantie fir sozial Rechter, ass net akzeptabel - do war een sech vrum Europaparlament eens.



Vu Lëtzebuerg hat sech eng Delegatioun vum OGBL op de Wee gemaach.

De José Alves schafft zanter 19 Joer bei der Luxair am Cargo-Zenter. Hie seet, am Ablack wieren déi 3.000 Leit vum Buedempersonal zu Lëtzebuerg nach net betraff, mam neie Gesetz kéint sech dat awer änneren.

"Mir kämpfen dofir, eis Aarbechtsplazen ënnert den aktuelle Konditiounen ze halen", seet d'Checkin-Agentin Christiane Godart. An hiren 28 Déngschtjoere bei der Luxair huet sech de Fliger als Transportmëttel verännert, den aktuelle Präisdumping wier net nozevollzéien. Jiddwereen, dee mat enger belleger Airline flitt, misst sech bewosst sinn, datt d'Personal do dacks ënnert schlechte Konditioune schaffe muss.

Den Deel vum Buedempersonal misst aus dem Gesetzpak erausgeholl ginn, seet de gréngen Europadeputéierte Claude Turmes. Dofir sinn den Ament nieft deene Gréngen och d'Sozialisten - net kloer ass, wéi sech déi

Liberal an d'Chrëschtkonservativ an de Votte verhalen.

Fir d'Gewerkschafte war d'Manifestatioun um Donneschdeg eng éischt Warnung – et wier awer net déi lescht Aktioun.

Tweet 0 0

Äre Commentaire

E Commentaire ofgi'an